

Theaterstuff an dräi Akten



1. Akt

Et as owes géint eefel Auer. Den Theater as aus, an d'Leit fläissen sech fir ennerdag ze kommen. Schwäikal as et; um Glacis sin d'Autosfënsteren zougefruer, an d'Madämmercher stin do an de laange Räck ze zabbelen, bis hir Chauffeuren d'Dir op hun an si an d'äiseg Këscht eraklammen duerfen.

Anerer gin nach een huelen. Den Här an d'Madamm Lambert gehéiren zu deenen, déi beim Foxe Fern landen. Se verlafen sech nët dacks am Theater, mä de „Ligebarong“ wollten se sech awer nët laanscht d'Nues goë loossen. D'Madamm hat de Münchhausen a jonke Jore stodéiert, an den Här weist sech nawell gären an der gehewener Gesellschaft, zanter datt en op engem Computer schafft a Beamte gouf.

Mat hirem Kleeed goug et un; well et am Réck sou déif ausgeschnidde war an nëmnen a Soutien verdrong huet, vun deem ee keng Brëtellen a kee Lastik gesouch. Se konnt sech nach drun erënnere, am Hierscht, op der Houchzäit vun hirem Emmi huet se sech gutt an deem Rack gespuert, mä haut – de ganzen Owend huet se sech wéi agespaart gefillt.

Och elo beim Fern souz se wéi op Aer, a wéi den Egon e puer Frënn bei der Téik gesouch an ugefaangen huet mat hinnen ze prosten, huet se font, elo géing et hir es duer.

Se huet sech op d'Toilette gemach an do deen zackerdjesse Soutien ausgestrëppt. D'Kleeed souz hir och sou ganz gutt, an dobanne war et stéckeg wéi an engem Bakuwien. Sou, 'lo war et hir besser.

Am Gank huet se de Soutien an den donkelgroë Mantel vun hirem Egon

gestach, well hir Pëschelchen ze kleng war. An domat komme mer an den

3. Akt

an dee spillt eng véierzéng Deeg méi spët.

Den Egon war deen Owend eleng ennerwee, an 't huet en op de Lampertsbiere an d'Theaterstuff gedriwwen. E goug bei de Comptoir an huet sech e Kir gefrot. Dat Gesëffs hat en dee leschten Hiescht op der Schwéiesch hirer Houchzäit kennegeleiert.

„A soss, wat son se?“, frot de Fern iwwert dem Gliersofdréchnen. 'T war nach roueg em déi Stonn, an déi zwee hun sech aus dem Fern sénger Arbedszäit gutt kannt.

„Kanns de dech erënnere, datt ech virun zwou Woche mat ménger Fra heibanne war?“, huet den Egon geschmonzt. „Mäi léiwe Jong, méng Fra war wéi kee Mënsch méi, wéi mer doheem waren. Ech hat jhust méng Schlappen an de Féiss, du huet et am Gank Knäll gedon a mech gefrot, wou säi Soutien wir. Kanns de der méi eng domm Fro virstellen? Ech sot, wéi dann? Mä, ech hun der en dach beim Fox an déng Mantelstäsch gestach, sot et, an elo as en nët méi dran!

A mäi Mantel?, frot ech. Maja, bei der Toilette um Mantelbriet!, huet et gejaut. A, mäi léif Kand, sot ech, mäi Mantel hung bannen am Bistro, dann hues de däi Soutien engem Friemen an d'Mantelstäsch gestach. Zwee déiselwecht Mäntel, dat gët et dach nët, sot et. 'T schéngt es awer dach, sot ech, an um Enn hu mer eis allenzwee bal vreckt ge-laacht. Wéi fënds de déi?“

„Abee jo“, sot de Fern nodenk-lech an as sech mamm mëttelste Fanger vun der rietser Hand iwwer d'riets Apherhor gefuer. Dat mécht en ëmmer, wann e Gespréich hie besonnesch in-tresséiert. Hien huet nämlech den

2. Akt

och kannt, deen jhust zwee Deeg virdu gespilt gin as.

Deen Owend souz den Hipp aus der Faïenceriestrooss um laangen Dësch bei der Dir an huet sech lues vollafe gelooss.

„T as aus“, sot en, wéi de Fern e gefrot huet, op him eppes iwwert d'Liewer gekroch wir. „T as aus, mäi léiwe Fern, elo huet et mech wüirklech bausent d'Dir gehäit.“

De Fern wouss, datt den Hipp a säi Jousel nët zum allerbeschten mateneen auskéimen, mä datt et sou schlëmm wir, hätt en sech nët gedreemt.

„Kanns de der virstellen“, sot den Hipp, „ech komme mëttes heem, du facht dat mer e schwaarze Soutien ronderëm d'Oueren. Wéi dee Soutien a mäi Mantel kéim, huet et gebierelt. Ech hun iwwerhaapt näischt verstanen a sot nach gutt domm: Wat méich ech da mat déngem Soutien an der Täsch?

Du Fatzbeidel!, huet et gejaut, a schons hat ech de Soutien nach eng Kéier am Gesiicht. An du huet et mer d'Waliss virun d'Dir geklaakt; 't hat se scho fäerdeg gepaakt do ston. An dobäi war ech wüirklech onschëlleg, Fern, gleef mer et! Ech war dee ganzen Owend virdrun soss néirens wéi hei bei dir.“ „Abee jo!“, sot de Fern an as sech mam mëttelste Fanger vun der rietser Hand iwwer d'riets Apherhor gefuer.

josy braun